**Evangelium vu Chrëschtdag (am Dag) (Joer A - B - C)**

**Joh 1,1-18**

1 Am Ufank war d'Wuert,
an d'Wuert war bei Gott,
a Gott war d'Wuert.

2 Am Ufank war et bei Gott.

3 Alles ass duerch et entstan,
an ouni d'Wuert ass och net eppes entstan vun deem,
wat entstan ass.

4 An him war d'Liewen,
an d'Liewe war d'Liicht fir d'Mënschen,

5 an d'Liicht schéngt an der Däischtert,
an d'Däischtert huet et net ugeholl.

6 Do war e Mënsch, dee vum Herrgott geschéckt gouf;
hien huet Johannes geheescht.

7 Hie koum als Zeien,
fir Zeegnes vum Liicht ze ginn,
fir datt se all duerch hie gleewe sollten.

8 Hie selwer war net d'Liicht,
ma hie sollt Zeegnes vum Liicht ginn.

9 Dat wierklecht Liicht,
dat jidder Mënsch mat Liicht erfëllt,
koum an d'Welt.

10 Et war an der Welt,
an d'Welt ass duerch et entstan,
an d'Welt huet et net erkannt.

11 Et ass an säin Eegentum komm,
an seng eege Leit hunn et net opgeholl.

12 Ma all deenen, déi et opgeholl hunn,
huet et d'Recht ginn, Kanner vu Gott ze ginn –
dat sinn déi, déi un säin Numm gleewen.

13 Si si weder aus Blutt,
nach aus dem Wëll vum Fleesch,
nach aus deem vun engem Mann gebuer,
ma aus Gott.

14 An d'Wuert ass Fleesch ginn,
an et huet säin Zelt ënner äis opgeschloen,
a mir hunn seng Herrlechkeet gesinn,
d'Herrlechkeet vun deem,
deen eenzeg an eleng aus dem Papp gebuer ass,
voll vu Gnod a Wourecht.

15 De Johannes gëtt Zeegnes vun him.
Hien huet geruff:
"Deen heite war et, vun deem ech gesot hunn:
Deen, deen no mir kënnt, ass mir viraus,
well hie viru mir war."

16 Well aus sengem Volltëm hu mir alleguer kritt,
Gnod iwwer Gnod.

17 D'Gesetz gouf nämlech duerch de Moses ginn,
d'Gnod an d'Wourecht sinn duerch de Jesus, de Christus, entstan.

18 Et huet nach kee jeemools den Herrgott gesinn.
Deen, deen eenzeg an eleng [aus dem Papp] gebuer ass
– hien ass Gott –,
an deen am Schouss vum Papp ass,
hien huet äis vun him erzielt.